



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Reding. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet de Justizminister, den Här Félix Braz, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. E Merci als Éischt un d'Rapportrice an och un d'ganz Commission juridique fir déi diligent Aarbecht, déi se hei gemaach hunn. Ech mengen, et ass vun den Deputéierten an der Substanz schonn alles gesot ginn, wat ka gesot ginn. Ech wëll dofir just zwou, dräi ganz kleng Remarqué maachen.

Déi éischt, fir de Kontext ze bestätegen: Hei si mer am Beräich vun deem gemeinsamen europäesche Rechtsraum, un deem mer schaffen. An do hu mer, et ass scho rappeléiert ginn, an de leschte Jore schonn eng Rei Texter hei zu Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen, déi sech am Westlechen awer op de Prozess bezéie respektiv och duerno op d'Period vun der Ëmsetzung vun der Strof. Anerer sinn nach amgaangen, wéi déi sougenannt ABC-Direktiven, déi an der Chamber sinn. Anerer sinn ënner Lëtzeburger Présidence ausgeschafft ginn, zu engem politeschen Ofschloss komm, och zousätzlech Mesuren, besonnesch am penale Beräich.

Hei ass elo nei: Dat hei ass eng Measure, déi an d'Zäit vun der Instruktioun fällt. Dofir kann dest Gesetz, dës Direktiv zu Lëtzebuerg eng Applikatioun kréien, déi iwwert där vun den anere Länner läit. An dofir ass si eben och fir Lëtzebuerg ganz wichtig, awer och fir de gesamten europäesche Gedanken, wéi den Här Bodry - wéi ech contrairement zum Här Reding fannen - ganz zu Recht ënnerstrach huet. Dat ass wierklech e wichtige Punkt.

Déi zwou Zuelen do, d'Halschent Netrésidenten, d'Halschent Prévenuen, sinn europawäit scho spezifesch. Dofir kann dest Gesetz, dës Direktiv zu Lëtzebuerg eng Applikatioun kréien, déi iwwert där vun den anere Länner läit. An dofir ass si eben och fir Lëtzebuerg ganz wichtig, awer och fir de gesamten europäesche Gedanken, wéi den Här Bodry - wéi ech contrairement zum Här Reding fannen - ganz zu Recht ënnerstrach huet. Dat ass wierklech e wichtige Punkt.

Zu der leschter Remarque vum Här Reding: Ech huelen un, dass et him elo besser geet, dat ass emol gutt gesot an 30 Sekonnen: „Bréngt emol dat an d'Rei, dass d'Justiz séier funktionéiert!“ Jo, mir schaffe jo och un esou Saachen.

Ech wëll awer och lech rappeléieren, Här Reding, dass, wann et besonnesch am Penalen net mam Schnellzuch derduerchgeet, dann ass dat éischters grondsätzlech éischter gutt, dass sech do Zäit geholl gëtt, fir d'Faiten ze apprécieren, well et geet ëmmerhin dréms ganz oft, ob Leit an de Prisong musse goen oder net. D'Justiz ass kee Schnellzuch an dofir gëtt et och Grënn!

Déi Lenteuren, déi et natierlech ginn, déi mer net brauchen, déi musse mer zesumme probéieren, aus der Welt ze kréien. Mä Dir wësst awer och, well Dir sidd jo an Ärem Haaptberuff als Affekot ageweit an Dir wësst och, wéi dat geet op de Gerichter, wann heiansdo Prozesser méi laang daueren, dann ass dat net eleng dem Justizminister seng Schold, dee jo keng Partie ass an de Prozesser. Et ass och net ëmmer nëmmen der Magistratur hir Schold. Heiansdo gëtt et och Leit, déi an engem Prozess derfir suergen, dass eng ganz Rei Saachen ze laang daueren. Deen, dee sech a sengem Recht fillt, deem huet natierlech ëmmer d'Impressioun, dass et net séier genuch geet. Deen, dee weess, dass en net terribel gutt an enger Affär steet, huet heiansdo och d'Tendenz, d'Saachen an d'Längt ze zéien, méi wéi et muss sinn.

Dofir, wa mer eis doriwwer Gedanke maachen - an ech si komplett bei lech, dass mer eis déi solle maachen -, dann, mengen ech, wiere mer awer alleguerte gutt beroden, wa kee géif mam Fanger op deen anere weisen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Justizminister. Domat si mer un Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet ukomm a mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6815.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6815 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo heescht Unanimitéit!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech géif d'Chamber nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Merci.

Mir géifen direkt zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6973 an dee betrëft d'Erhéijung vun der Zuel vun den Attachés de justice. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur zum Projet, den honorabelen Alex Bodry.

3. 6973 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif;

2) de la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice

3) de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi virdru richtig gesot ginn ass, geet et bei dësem Projet net ëm e grouse Gesellschaftsprojekt, mä et geet drëm, fir eis Justiz an engem bescheide Mooss opzestocken. Mir wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg ënner villem anere mat der Situatioun konfrontéiert sinn, dass mer net onbedéngt an alle Fäll genügend Richter hunn. Mir brauchen an Zukunft och sécherlech nach zousätzlech Richter. Mir brauche gutt forméiert Richter. Mir brauche spezialiséiert Richter. Mir brauche vereinfacht Prozeduren an eng rationell Organisatioun vun eiser Justiz. An et ass, mengen ech, déi Diskussioun, déi mer sécherlech och nach an dëser Legislaturperiod wäerte féieren.

D'Regierung huet jo och dem fréiere Procureur général den Optrag ginn, fir sech Gedanken ze maache ronderëm méiglech Pisten, wat eng Reform vun eiser Justiz ugeet. Viru ville Joren huet emol och e fréiere Member vun dëser Chamber och am Optrag vun enger anerer Regierung e ganze Pabeier dohinnergeluecht vu Reformvirschléi, wat d'Justiz ubelaangt. Nëmmen en Deel vun deenen ass allerding och ëmgesat ginn.

An et bleift, a virdrun ass schonn hei bemierkt ginn an enger Tëschebemierkung, d'Délaie sinn erëm amgaang enorm ze wuessen op eise Gerichter, bal a sämtleche Sparten. An dat muss engem Suerg maachen, well mir brauchen, wéi gesot, och eng effizient Justiz, déi kann uerdentlech funktionnéiere bei enger Populatioun, déi stänneg steigt, wou also och d'Affäre sécherlech net zrëckginn, wou d'Komplexitéit vun den Affäre weider zouhëlt mat deene sëllege Aktivitéiten, déi mer ze regelen an ze tranchéieren hunn hei zu Lëtzebuerg. Duerfir ass dat heiten e Projet, deen a senger Ausrichtung sécherlech an déi richtig Richtung geet.

Ëm wat handelt et sech am Konkreten? Et geet drëm, dass de Pool vun den Attachés de justice, dat ass also den ënneschte Grad vun de Magistraten hei zu Lëtzebuerg, dee jo ewell gemeinsam ass fir d'Gerichter zum Ordre judiciaire wéi och fir d'Verwaltungsgerichter, vun

haut 20 Posten op 30 Posten eropgesat gëtt. Déi 20 Poste sinn, souwäit ech weess, erreecht. Also ass et néideg, wann een zousätzlech Leit wëllt astellen an der Magistratur, dass mer do dee Maximum eropsetzen, an dee geet dann elo ëm zéng Unitéiten an d'Luucht.

Derniewent kënn, dass nach zousätzlech Leit wäerte mussen agestallt ginn opgrond vun deenen Départe an d'Pensiounen, déi sech ofzeechnen an deenen nächste Joren. Dat wäerten der relativ vill sinn. Et gëtt gerechent, dass bis zu 40 Richter kéinte bis 2020 an d'Pensioun goen, dass also de Rekrutement wäert mussen ugekuerbelt ginn an nächster Zäit. An et ass net evident, dass mer - hei zu Lëtzebuerg, do stousse mer schonn op Grenzen, déi sech breetmaachen -, dass mer a genügendem Mooss qualifizéiert Leit fannen, fir all déi vill a wichteg Posten do ze besetzen. Et ass also e gemeinsamen Challenge, dee mer hunn, derfir ze suergen, dass déi Justiz hei zu Lëtzebuerg uerdentlech funktionnéiert an dass jiddwereen och en Accès zu där Justiz hei kritt.

Éischte Punkt also: De Pool vun den Attachés de justice gëtt ëm zéng Unitéite vergréissert.

Zweete Punkt - do ännert sech um Total näischt -, dat ass eng liicht Ëmbenennung vun eenzelne Posten an dem Beräich vum Verwaltungsgericht, dat haut aus véier Chambere besteet, mat engem President, mat engem éischte Vizepräsident, zwee Vizepräsidenten an dräi éischte Jugen a sechs Jugen. Do ginn d'Vizepräsidenten ëm eng Unitéit eropgesat. Och ass et esou, dass d'Premier-jugen ëm eng Unitéit eropgesat ginn, an dat geet dann op Käschte vun de Jugen, also den Total bleift bei 13. Déi doten Ëmbenennung mécht et méiglech, dass een eng équilibréiert Kompositioun kritt vun den eenzelne Chamberen, déi den Tribunal administratif hei zu Lëtzebuerg ausmaachen.

Dann en drëtten Punkt: Nieft e puer Erreurs matérielles, déi nach rektifizéiert ginn an dem Gesetz iwwert d'Attachés de justice, ass iwwer en Amendement och nach festgeluecht ginn, dass en zousätzlech Poste geschaf gëtt um Niveau vum Parquet hei vu Lëtzebuerg, wou e Substitutposten an der Staatsanwaltschaft hei zu Lëtzebuerg bäikënn. An dee Poste supplémentaire, deen ass néideg opgrond vun der Aféierung vun eise Radarsystem mat all där zousätzlecher Aarbecht, déi dat dann och wäert mat sech bréngen.

Dat gesot, kann ech soen, dass mer keng fundamental Divergenzen haten iwwert déi dote Fro an der Commission juridique, soudass ech als Rapporteur och kann hei der Chamber proposéieren, fir deen heite Gesetzesprojekt, sou wéi e virläit, ze stëmmen.

Ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Text eran. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Bodry. An d'Madamm Modert ass prett, fir d'Wuert ze kréien. Madamm Modert, Dir hutt et.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass zwar net déi eenzeg Dispositioun vun dësem Gesetzesprojekt, awer nees eng Kéier, no 2012, wou gläichzäiteg och eng gréisser Reorganisatioun vun der Justiz mat deem Gesetz deemools matgemaach gi war, an no 2014, beschléisse mir haut per Gesetz en Unhiewe vun där Zuel vun den Attachés de justice. A wann een hëlt, wéi vill Magistraten an deenen nächste fënnf Joer wäerten an d'Pensioun goen, da wäert et wuel och net déi lescht Kéier sinn, wou mir eis heibannen domadder ofginn. Dofir wär et menger Meenung no besser, d'Situatioun vun den Effektiver an der Magistratur pluriannuel ze analyséieren an der Chamber eng pluriannuel Planung matzeliwweren.

Sécherlech ass et wichtig, an dësem Kontext virauszekucken an ze plangen. 2005 war jo esou e pluriannuelle Plang opgestallt ginn. Alldéngs, d'Unhiewe vun der Zuel vun de Richter, ob Magistrature assise oder debout, wéi an dësem Gesetz, ass a kann net dat eenzegt Mëttel sinn, fir de Funktionement vun der Justiz ze verbesseren an ze vereinfachen. Prozeduren, Délaie, Organisatioun, Funktionement mussen iwwerduecht ginn an den Aspekt Qualitéit vun der Justiz, en zimlech neie Begrëff, matabuecht ginn.

Ech mengen, dat ass och heibannen eng eenhellig gedeelt Feststellung, sougutt heibanne wéi awer och op villen anere Plazen dobaussen, och wann ee rezent Publikatioun gekuckt huet. Idealerweise sollten och Virschléi vun der Magistratur selwer komme respektiv d'Magistratur matagebonne sinn, well si sinn d'Praktiker vun der Matière.

Eise Kolleeg Gilles Roth hat heizou och Virschléi gemaach bei den Debatten zur Lag vum Land am Abrëll vun dësem Joer. An ech erënneren,

wéi och scho mäi Virriedner, un de rezente Rapport vum Robert Biever, fréiere Procureur général, dee Reflexiounen iwwer eng méi effizient an effikass Justiz, wéi en et genannt huet, gemaach huet. Mir wäer frou, wann d'juristesch Kommissioun sech mat deem Rapport befaasse géif kënnen eng Kéier.

Här President, an dësem amendéierte Projet de loi sinn nach e puer aner Dispositiounen dran: fir déi administrativ Juridictioun, fir de Conseil supérieur vun der Sécurité sociale. An och de JAF, den zukünftege Juge aux affaires familiales, soll heimat schonn, schéngt et mer, virbereet ginn.

De Rapporteur hat a sengem gudden Exposé eis virdrun exhaustiv duergeluecht, wat dës Dispositiounen sinn, dofir him Merci. An ech ginn den Accord zu dësem Gesetz vun der CSV-Fraktioun heimat.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Modert. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Loschetter, fir den Accord wahrscheinlech.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Wéi Der richtig sot, Här President, wollt ech mengem Kolleeg, dem Rapporteur, Merci soen, datt e sech deem Rapport ugeholl huet an datt en deen och esou ausféierlech hei erkläert huet.

An ech wollt awer och den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem wichtige Projet de loi ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Hat ech also richtig geroden! An ech ginn dann direkt d'Wuert weider un d'Madamm Beissel.

► **Mme Simone Beissel (DP).**- Jo, Merci, Här President. Och vu mir de Merci un den Här Alex Bodry fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. Mir hate schonn 2004 jo ugefaangen, an dësem Secteur ze schaffen. An dat hei ass elo ganz wichtig, dass mer déi Zuel vun deenen Attachéer komplettéieren.

Ech mengen, et ass elo vun all de Virriedner hei duergheklongen, dass mer e generelle Problem hunn an der Magistratur: Mir hunn eng Pénurie vu Magistraten, mir hunn eng Pléthore vun Affekoten; do ass et just de Géigendeel. An et ass esou - wann ee kuckt, dass een esou vill natierlech Ofgäng huet -, et sinn e ganze Koup Magistrate viru Jore mateneen alleguerten nominéiert ginn, dann ass et normal, dass déi natierlech Ofgäng och matenee kommen.

An dann ass och de System, wéi dee ganzen Accès vun der Magistratur viru Joren organisiert war, dat ass jo och elo e weéneig méi gelockert ginn, soudass mer d'Chance hunn, dass mer der och méi kréien.

Wat ech lech wëll soen, dat ass: Justiz ass eng nobel Missioun fir alleguerten déi Leit, déi dora schaffen, an notament eis Magistraten. A si mussen absolutt a genügend Zuel kënnen schaffen, fir dass se roueg a sachlech kënnen hirer nobler Missioun gerecht ginn. Ech mengen, mat deem Gesetz hei erlabe mer hinnen, einfach nëmmen doduerch, dass mer quantitativ d'Zuel opstocken, dass mer awer och oppassen - dat ass jo d'ganz Bestriewung och vum Här Justizminister a senger ganzen Equipen -, dass mer och d'Qualitéit vun deem ganze System an d'Luucht setzen, doduerch garantéiere mer eng uerdentlech Justiz fir eis Leit. An dat ass och en Zeeche vun der Sécurité juridique vun all eise Bierger.

Ech bréngen heimat den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Beissel. An d'Wuert huet direkt den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, Merci, Här President. Ech wollt och den Accord vun der ADR zu dësem extrem wichtigen Text bréngen. Effektiv brauch d'Justice op alle Pläng wesentlech méi Moyenen. Hei ass elo de personelle Plang. Wéi den Här Bodry richtig sot, gi 40 Jugé bis 2020 an d'Pensioun. An do géif ech soen: Et gëtt net nëmmen Zäit, fir unzekerbelen, mä et ass schonn héich Zäit an et hätt scho laang, vill éischter missen ugekuerbelt ginn! Ouni Moyene komme mer net virun.

Ech sinn och ganz frou, datt d'Octavie Modert op de Rapport vum Robert Biever higewisen huet. Do sinn effektiv eng ganz Partie Pisten, déi eis géifen erlaben, d'Justice méi effizient a méi schnell ze maachen.

Ech hu virdrun net Parole après ministre gefrot, well ech wousst, datt ech hei nach kéint zéng Sekonne schwätzen. Ech wollt dem Här Justizminister äntwerten, wat ech virdru gesot hunn: Do hu mer net geschwat vu Prozeduren, wou iergendwellech Leit, déi de mauvaise foi sinn oder déi wëllen d'Saach an d'Längt zéien, Zäit erausschënne. Mir hu geschwat vu Prozesser,



déi fäerdeg sinn, déi clôturéiert sinn, wou sämtlech Konkusiounen échangéiert sinn an déi da fixéiert gi pour plaiderie op annerhalleft Joer! Dat war dee Mëssstand, op deen ech vir-dru wollt opmierksam maachen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Reding. A vu datt ech keng weider Wuertmeldungen hunn, huet den Här Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Ech sot virdru schonn: „Merci dem Rapporteur an der Kommissioun.“ Elo hunn ech eigentlech nach méi Grond, et ze maachen, well deen heite Projet ass Enn Mäerz an der Chamber déposéiert gi mat der Demande fir eng ganz séier Bearbechtung souwuel vum Statsrot wéi vun der Chamber. An dat huet bei deem heite Projet geklappt, wat als Advantage huet, dass mer scho fir d'Rekrutementsprozedur 2016/2017, also déi nächst, déi elo ganz geschwënn usteet, déi heite Regeln an Zuele wäerte kënnen uwenen, wat ganz gutt ass.

Dir wësst, mir haten an der Vergaangenheet ganz laang Schwierigkeete beim Rekrutement. Mir hunn 2014 fir d'éischte Kéier zënter Laangem all déi Plazen, déi ausgeschriwwen waren, et waren der 15, och besat kritt. Dat war fir d'éischt no laange Joren, wou mer dat net fäerdegbruecht hunn, wou also net genuch Kandidaten do waren, fir déi Plazen, déi beim Stat verfügbar waren, ze besetzen.

Ech sinn och dofir nëmme verhalen optimistes, wéi dat dëst Joer wäert goen. Ech hoffen, dass dat nach eng Kéier sech widerhëlt. Verschiddener ginn dovun aus, dass dat sech automatesch och dëst Joer da wäert widerhuelen, no 2015. Ech sinn do nach e bësse méi reservéiert, well ech géif dat och gäre gesi geschéien, ier ech dru gleewen, well ze vill oft hu mer an der Vergaangenheet dat eben net fäerdegbruecht. Dofir, ech hoffen, dass dat klappt! A mir wäerten dat och ganz geschwë gesinn.

Ech deelen eigentlech d'Remarquë vun all deenen, déi gesot hunn, dass d'Moyenen, d'personell Moyene vun der Justiz misste verstärkt ginn. „Merci am Virus dofir“, kann ech als zoustännege Minister nëmme soen, „dass d'Chamber déi Suerg do deelt an och bereet ass, an den nächste Joren do nach Efforten ze maachen“, well den Nohuelbedarf ass definitiv grouss.

Et gouf wuel ee pluriannuelle Plang tëscht 2004 an 2009. D'Madamm Modert hat schonn drop higewisen. Fakt ass awer, dass trotzdeem an deene leschte 15, 20 Joer d'Populatioun zu Lëtzebuerg an engem wesentlech méi grouse Mooss gewuess ass wéi dat, wat u personelle Moyenen der Justiz zur Verfügung steet.

Vun 2004 bis haut ass d'Populatioun gewuess vu 455.000 op 570.000 Leit. Dat ass eng Augmentatioun vun net wäit vun 30%, iwwer 25%. An deem Mooss sinn d'Moyenen net gewuess. Ouni vun deenen ze schwätzen, déi all Dag als Frontalier op Lëtzebuerg kommen an déi jo och an hirem Dagesoflaß mat Saache kënnen konfrontéiert ginn, déi se eventuell virun d'Gericht bréngen, oder dass e Gericht domadder saiséiert ass.

An do hu mer definitiv e groussen Nohuelbedarf. Ech wäert also dofir och e Plan pluriannuel opstellen. Ech sinn amgaang mat der Procureur général mech doriwwer ze ënnerhalen. Fir si ass och déi Planbarkeet, déi esou e Plan pluriannuel bitt, ganz wichteg, an och fir de Stat, fir den Engagement vu senge Moyenen. Dofir schaffe mer elo schonn un engem weidere Plan pluriannuel.

Mir schaffen awer och drun, nieft de personelle Moyenen och Reforme bei de Prozeduren ze maachen. Well net alles, ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier gesot, mä dat ass meng déif Iwwerzeegung, mir kënnen net all Problem an all Fro beantworte mat méi personelle Moyenen. Dofir huet d'Regierung dee Rapport beim Robert Biever bestallt.

Ech si frou feststellen, dass et queesch duerch d'Bänken eng tendenziell Ennerstëtzung gëtt fir déi Virschléi, déi an deem Rapport gemaach ginn. An ech wäert och relativ séier an d'Juridique kënnen kommen, fir ze soen, wat mir nach wëllen an dëser Legislaturperiod vun deem Rapport an Ugrëff huelen, bien entendu am Gespréich mat der Magistratur, esou wéi mer dat ëmmer maachen. Mä déi Efforten, déi mer wäerten an deem heite Beräich maachen, wäerte méi grouss musse sinn, wéi dat an de leschte Joren de Fall war.

An et ass richtig ze soen, dass de Bénéficiaire dovun de Bierger ass. De Justiciable, dee mat der Justiz ze dinn huet, deen huet en Usproch drop, dass déi Décisiounen richtig geholl ginn an an engem Délai, deen esou kuerz ass, wéi et rasonabel ass am Beräich vun der Justiz. Dat ass

eng Saach vu Moyenen, dat ass och eng Saach vu Prozeduren. Mir schaffen u béiden. A Merci am Virus scho fir d'Ennerstëtzung haut an och fir déi Projeten, déi nach wäerte kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Justizminister. Mir kënnen dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6973 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Och dese Projet ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zu direkt dräi Projeten iwwergoen, de Projeten 6823, 6848 an 6856. Déi dräi Projete betreffen d'Konditiounen vu verschiddene Produkter, fir d'Vermaartung dovun. A mir wëllen déi Diskussioun vun deenen dräi Projeten zesumme féieren an och de Rapport zesumme maachen. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Tess Burton.

4. 6823 - Projet de loi concernant les appareils et les systèmes de protection destinés à être utilisés en atmosphères explosibles

6848 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché des récipients à pression simples

6856 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché d'équipements radioélectriques

Rapports de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.**- Merci fir d'Wuert. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi an der Conférence des Présidents festgehalen, wäert ech lech hei dräi Projet-de-loien, déi relativ äänlech sinn, zesumme virstellen. All dës Projet-de-loien hunn als Zil, Direktiven ëmzesetzen. Déi Direktive sinn Deel vun engem ganze Pak vun Direktive vun der Europäescher Kommissioun, déi als But hunn, Regeln a Praktike betreffend d'Kommerzialisatioun an d'Sécherheetsmoossname vu bestëmmte Produite besser ze regelen.

De leschte Mount goufe schonn déi éischt sechs Gesetzesprojeten heivunnen hei an der Chamber gestëmmt. Elo haut wäerte mer dräi weider Gesetzesprojete vun dësen Direktive stëmmen.

De Kontext vun dësen Direktiven ass folgenden: An den 80er Jore war een Zil vun der Europäescher Kommissioun, de fräien Handel an de Wuerverkéier an der EU ze erliichten, andeems eng Harmonisatioun vun de Regelwierker agefouert gouf. Dovu profitéieren haut souwuel d'Betriber, andeems den Handel vereinfacht gouf, souwéi de Konsument an d'Ëmwelt, déi besser geschützt ginn.

Am Joer 1985 ass d'Konzept vun der „nouvelle approche“ agefouert ginn. Virun 1985 waren d'Direktive schwéierfäleg an oniwiersichtlech, well se ze vill technesch Detailler an Exigenzen enthalen hunn. Mat där nouvelle Approche goufen d'Direktive vereinfacht, andeems déi technesch Exigenzen haaptsächlech op generell Sécherheetsexigenzen limitéiert goufen. Déi technesch Detailler sinn aus den Direk-

tiven erausgeholl ginn a sinn haut an den europäeschen Norme beschriwwen.

Am Resümee fonctionnéiert dat esou: D'Direktive schreiw vir, dass den Hiersteller vun engem Produit a sengem Prozess sécherstellt, dass hien dat esou mécht, wéi d'Direktiven et virschreiw, fir dass säi Produit och sécher ass an net geféierlech ass, also konform ass.

Wéi gesi mir dat als Konsument, ob e Produit konform ass oder net? Ma andeems een no deem CE-Zeeche kuckt, dat den Hiersteller op säi Produit dierf opkleeven. D'Hiersteller kënnen dëst CE-Zeeche selwer op hir Produiten dropmaachen, mä dofir muss vun Zäit zu Zäit kontrolléiert ginn, ob dës Produiten och dem CE-Zeechen entsprechen, dat heescht no de Regele produzéiert gi sinn an ebe konform sinn. Dat nennt een „surveillance des marchés“, dat heescht, dass Stéchprouwe geholl ginn a Produite kontrolléiert an analyséiert ginn.

Hei am Land mécht dat den ILNAS. Den ILNAS huet zu Esch en eegene Labo, fir Analyse kënnen ze maachen. A well den ILNAS awer net alles kontrolléiere kann, huet hie sech op dräi Beräicher spezialiséiert. Fir déi kuerz ze erwähnen: éischters op d'Conformité électromagnétique. Dat ass zum Beispill, fir sécherzestellen, dass, wann een d'Fernbedienung vum Fernseh benotzt, net och an engems dem Noper seng elektresch Garage opgeet. Dann, zweetens, ass dat d'Conformité électrique, zum Beispill fir sécherzegoen, dass, wann een den neie Rackettesapparat opdréit, een d'Pännchen nach kann upaken an ee sech d'Fangeren net verbrënt. An dee leschte Beräich, wou den ILNAS Kontrolle ka maachen, si Spillsaachen, zum Beispill dass Kanner näischt kënnen ofschlëcken, wat se net sollen, oder dass bei Spillsaache mat Kopfhörer, déi net esou haart kënnen opgedréint ginn, dass de Kanner hir Ouere geschiedeg ginn.

Den ILNAS mécht dat natierlech net eleng, mä dat maachen och vill aner Préifinstitute an Europa. A fir dass net ee Produit dräimol getest gëtt, gëtt sech ofgeschwat mat Hëllef vun enger gemeinsamer Datebasis. Eier den ILNAS eng Analys mécht, geet dee kucken, ob net schonns en aneren an Europa dee Produit getest huet, an hien dréit dat dann och selwer an d'Datebasis an, fir dass all déi aner Préifinstitute dem ILNAS seng Analysen och kënnen kucken.

Déi Surveillance des marchés ass e gemeinsamen Effort vun all den EU-Länner an och Lëtzebuerg muss eben do säi Bäitrag leeschten.

Här President, ufanks 2000 huet d'Europäesch Kommissioun eng Iwwerpräiwung vum Fonctionnement vun fräie Wuerverkéier duerchgefouert. D'Schlussfolgerung war, dass déi 1985 agefouert harmoniséiert EU-Gesetzestexter dann awer net esou effikass ware wéi erwaart. Dräi Haaptmängel goufe constatéiert, dat heescht déi héich Unzuel un net konformen an onséchere Produkter, déi nach ëmmer um europäesche Maart verkaaft goufen, dann och déi onzefriddestellend Leeschtunge vu verschiddene Kontrollorganer, déi zoustänneg fir d'Konformitéitsbewäertung waren, an d'Schwierigkeet, déi vill Akteuren haten, d'EU-Regelwierker ze verstoen, well all Direktiv hir eege Struktur hat.

Fir dat ze verbessern, gouf 2008 en neie legale Kader definéiert, den «nouveau cadre législatif pour la commercialisation des produits». A fir sech dësem neie Kader unzepassen, huet d'Europäesch Kommissioun déi verschidde besteend europäesch Reglementer an Direktiven iwwert d'Produkter ëmgeännert. Dës europäesch Direktive mussen elo all an den EU-Memberstaten an hir national Gesetzter transposéiert ginn.

Haut ginn also an deem Kontext dräi weider Direktiven ëmgesat, déi all no deemselwechte Schema opgebaut sinn.

Nach just wichteg ze erwähnen ass, dass am Kader vun dësen Direktiven, déi mir hei ëmsetzen, Lëtzebuerg duerch den ILNAS seng Responsabilitéit hält.

Bon, komme mer zu de Projeten: Ech fänken u mam Projet de loi 6823. Hei geet et drëms, Geräter a Schutzsystemer, déi an explosive Beräicher genotzt ginn, EU-wäit ze regelen. Et versteet een ënner „Geräter“ ënner anerem Maschinnen, Betribsmittel, Steuerungs- an Ausrüstungsdeeler, déi eegen Zündquellen opweisen an doduerch eng Explosioun verursaache kënnen. An ënner „Schutzsystemer“ versteet een ënner anerem all Dispositiffen, déi eng potenziell Explosioun begrenzen oder stoppe kënnen. Konkret gesäit dës Gesetzgebung vir, dass déi elo grad genannte Geräter a Schutzsystemer, déi bei eis oder um EU-Niveau genotzt ginn, héije Sécherheets- a Gesondheitsstandarden entspreche sollen.

Aktuell ass dës Matière an engem Règlement grand-ducal regléiert, dat elo duerch dat neit Gesetz ausser Kraaft trëtt. De Gesetzesprojet 6823 war den 20. Mee 2015 an der Chamber déposéiert ginn. Et koumen d'Avisen vun der Chambre de Commerce an der Handwierker-

kummer eran an natierlech och dee vum Statsrot.

Komme mer zum Projet de loi mat der Nummer 6848, deen de 6. August d'lescht Joer hei an der Chamber déposéiert ginn ass. Zu dësem Projet de loi huet d'Chambre de Commerce den 10. November 2015 hiren Avis ofginn an de Statsrot huet zwee Avisen zu dësem Projet ofginn. Aktuell ass dës Matière och an engem Règlement grand-ducal, an deem vum 2. Juli 1992, regléiert, deen elo duerch dat neit Gesetz och ausser Kraaft trëtt. An dësem Projet de loi geet et ëm d'Bereetstellung vun einfachen Drockbehälter um Marché. Dat si Behälter mat ganz villen techneschen Eegeschaften.

Da komme mer zum leschte Projet de loi, dat ass den 6856. Hei geet et ëm d'Bereetstellung vu radioelektreschen Equipementer um europäesche Marché, och nach „Funkanlagen“ genannt. Dës Projet gouf de 4. August 2015 déposéiert a soll wéi déi aner och eng Direktiv ëmsetzen. Et handelt sech ëm Equipementer, déi fléissend Funkwellen ofginn oder kréien, an dat am But vun der Radiokommunikatioun oder der Radioortung, an déi systematesch de radioelektresche Spektrum benotzen. D'Direktiv gesäit och vir, dass de radioelektresche Spektrum effikass benotzt gëtt an dass schiedlech Stéierung verhënnert solle ginn.

Dës Projet de loi betrëfft nëmme Produiten, déi fir den normale Konsument um Marché ze fanne sinn. Equipementer ewéi fir déi national Sécherheet oder d'Défense sinn hei net dobäi. Aktuell ass och dës Matière an engem Règlement grand-ducal regléiert, deen elo och ofgeschaaft gëtt.

Dëst gesot zum Inhalt vun deene ganz technesche Projeten alleguer, géif ech elo kuerz op d'Avisen agoen. D'Avisen vun deenen dräi Projet-de-loien vum Statsrot an de Beruffskummere sinn all quasi identesch, well, wéi gesot, et sech ëmmer ëm eng äänlech Matière handelt.

De Statsrot kritiséiert bal ëmmer d'Netanhale vun der Hiérarchie des normes, dat heescht, dass am Gesetzesprojet op Dispositiounen verwisen gëtt, déi a Règlement-grand-ducale festgehal sinn. Och mécht de Statsrot drop opmierksam, dass een Abschnitt, iwwer eng Verpflichtung vum ILNAS, vun de jeeeweiligen Direktiven net transposéiert gouf. An de Statsrot huet och a sengen Aise kritiséiert, dass déi englesch Sprooch zwëschen dem ILNAS an deene concernéierten Akteure genotzt ka ginn.

De Statsrot kritiséiert bal ëmmer d'Netanhale vun der Hiérarchie des normes, dat heescht, dass am Gesetzesprojet op Dispositiounen verwisen gëtt, déi a Règlement-grand-ducale festgehal sinn. Och mécht de Statsrot drop opmierksam, dass een Abschnitt, iwwer eng Verpflichtung vum ILNAS, vun de jeeeweiligen Direktiven net transposéiert gouf. An de Statsrot huet och a sengen Aise kritiséiert, dass déi englesch Sprooch zwëschen dem ILNAS an deene concernéierten Akteure genotzt ka ginn.

Och huet d'Kommissioun mam Wirtschaftsministerium festgehalen, dass och Englesch als Kommunikationsprooch zwëschen dem ILNAS an de concernéierten Akteure ka genotzt ginn, dëst well vill Normen op Englesch verschafft ginn an et haut schonn Usus ass, dass sech och an dëser Sprooch an deem Beräich ausgetosch gëtt, obwuel dat net eng vun eisen dräi offizielle Sproochen ass, déi am Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwer eise Regimm vun de Sproochen festgehal sinn.

Schlussendlech konnt mat den Amendementer vun der Wirtschaftskommissioun all den Ufuorderungen, déi de Statsrot gestallt huet, Rechnung gedroe ginn, an och d'Beruffskummere hunn hiren Accord zu dësem Projet-de-loie ginn.

Voilà, dat gesot zu all dësen ganz, ganz technesche Projeten, ginn ech natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësen dräi Projet-de-loien a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Burton. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Diane Adehm.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Ech wéilt der Rapportrice villmools Merci soen. Si huet en äusserst detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach, an deem ass näischt méi hinzuzefügen.

An ech géif heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Adehm. Den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).**- Och ech géif ganz gär der Rapportrice Merci soe fir dee ganz flotten an ausféierleche schrëftlechen, awer virun